PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

An senger Äntwert op meng Question parlementaire n°7133 huet den Minister Folgendes geäntwert: "*Dat am aktuellen "Plan national intégré en matière d'énergie et de climat" (PNEC) formuléiert Zil ass d'Klimaneutralitéit spéitstens bis 2050. Fir déi Klimaneutralitéit ze erreechen, ass et noutwenneg, dass op de Gebrauch vun alle fossillen Energiequellen muss verzicht ginn, och op de Gas.*""

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass beim Verzicht op de Gas och de Biogas mat abegraff?
   Wa jo, wat fir Alternativen si konkret fir de Biogas virgesinn, wëssend dass mat enger ganzer Rei Biogasanlage gréisser Infrastrukturen oder Deeler vu Gemengen (souwuel privat ewéi och ëffentlech Gebaier) uechtert d'Land (zum Beispill d'Biogasanlagen zu Biekerech an zu Réiden Atert) gehëtzt ginn?

2. Wéi steet de Minister dozou fir nom Enn vum Gas aus fossille Quelle, Waasserstoff an déi bestoend Gasreseauen anzespeisen, wëssend dass et haut Chaudière ginn, déi mat Waasserstoff funktionéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten